Flotten Keelendaag zu Péiteng…..

Eigentlech schued, dass bei 2000 Lizenzen, nëmmen esou wéineg Lait de Wee op Péiteng fond hun.

Eigentlech sollt dësen Daag all Mënsch d'Geleegenheet gin, fir op de Sport- an op de Classicbunnen kënnen ze spillen, an daat och nach gratis. A waat natiirlech ganz flott heibai woar, daat waren Akaafsbongen, déi als Belounung ausgedeelt goufen, fir gudd Resultater, souwuel fir Lizenzéierter, wéi och Lait ouni eng Sportlizenz.

De Succès blouw net aus, vue dass mueres ons Jugend sech richteg gudd dru gin huet fir ennert déi éischt drai ze kommen a mëttes eng Grupp jonker Universitären de Wee op Péiteng fonnt hun an des Actioun vum Ministère des sports wollten ausprobéieren. Hinnen huet et weder u Spass nach un Eéiergeiz gefeelt, a soumadden konnt och hei am spéide Nomëtten e separate Gewënner ermëttelt gin. Bei dëser Geleegenheet goufen dann och déi Lait recompenséiert, déi am Laaf vum Daag deel geholl hun an ennert den 3 éischten Plaazen vun der U50 an Ü50 waren.

#BEACTIVE

Schlussendlech konnt een owes 5 Buergermeeschteren aus de Gemengen Péiteng, Käerjeng, Déifferdang, Monnerech a Suessem mat hiren Equipen fir e Challenge des Communes begréissen. Hei konnte sech wéi scho viru 6 Joër d'Equipe vu Suessem durchsetzen. Besonneg as erfir ze hiewen, dass dësen attraktiven Owend iwwert e Livestream gelaaf as a soumadden onst Keelespill public gemeet gouf, dohir also eng gudd Reklam.

7 Boules Plein J	7Boules Plein J	7 Boules Plein J	7 Boules Plein J	7 Boules Plein J	7 Boules Plein J
Piste Schere 6	Piste Schere 7	Piste Schere 8	Piste Classic 1	Piste Classic 2	Piste Classic 3

Diff 1	**Pét 1**	**Monder 1**	**Käerjeng 1**	**San 1**	**Diff 2**
Ulveling Tom	Stoffel Marco	Biever Marc	Pirrotte Fränk	Bargagna Berto	Falbo Marilena
153	**216**	**225**	**190**	**294**	**99**
Pét 2	**Monder 2**	**Käerjeng 2**	**San 2**	**Diff 3**	**Pét 3**
Melina Pierre	Fürpass Jeannot	Wolter Michel	Engel Georges	Hartung Gerry	Scheuer Romain
169	**268**	**217**	**233**	**250**	**197**
Monder 3	**Käerjeng 3**	**San 3**	**Diff 4**	**Pét 4**	**Monder 4**
Baustert Marianne	Siebenaler Josée Anne	Bronzetti Denis	Macri René	Arendt Patrick	Agovic Rizo
200	**149**	**224**	**134**	**166**	**177**
Käerjeng 4	**San 4**	**Diff 5**	**Pét 5**	**Monder 5**	**Käerjeng 5**
Janssen Gérard	Tornambé Nadine	Traversini Roberto	Conzemius Josette	Raspado Sabrina	Funck Nico
279	**113**	**194**	**121**	**154**	**167**
San 5	**Diff 6**	**Pét 6**	**Monder 6**	**Käerjeng 6**	**San 6**
Cornély Alain	Schwachtgen Fräntz	Brecht Guy	Pleimelding Krys	Ferber Guy	Zeniti Michel
230	**207**	**167**	**174**	**217**	**188**

Total Differdange	**Total Pétange**	**Total Mondercange**	**Total Käerjeng**	**Total Sanem**
1037	**1036**	**1198**	**1219**	**1282**

Eng gudd Zesummenaarbecht mam Ministère, e puer ganz gudd Lait, déi richteg vill gehollef hun a soumadden konnt a kann ee vun enger flotter Réussite schwätzen. Folglëcherweis gouf een drop ugesprach an drop higewisen, dass een esou eppes gäre kéint wiederhuelen.

Mir fréen ons drop, a flait sidd dann och di nexte Kéier dir derbai….